# **Dossier de presse pour le livre photographique « Lëtzebuerg deng Landwirtschaft »**

Ce projet est né après un séjour en 2011 dans une ferme de ma belle-famille située au lieu-dit « La Caboutarié » dans l'arrière-pays magnifique d'Albi. Ayant photographié pendant plusieurs jours le quotidien du fermier Roger, je me suis senti projeté dans un univers authentique et riche, un univers qui m'était d'ailleurs peu familier jusque 'là. J'ai adoré découvrir ce monde et je me suis dit de continuer le même type de travail au Luxembourg. A la différence près que le travail devrait s'étaler sur une période plus longue et de façon plus approfondie.

Après avoir montré en 2012 les images de la Caboutarié aux responsables du Ministère de l'Agriculture, le livre devenait réalité. Nous avons décidé d'axer le travail sur les quatre saisons avec un point de vue plutôt positif et d'offrir le livre aux représentants des ministères des 28 pays de la Communauté Européenne lors de la présidence luxembourgeoise pendant le second semestre de 2015, afin de leur permettre une image sur notre secteur agricole. Le Ministre à cette époque, Romain Schneider, ayant entre temps donné son accord, le livre se devait de montrer la diversité de la production agricole du pays et son élaboration allait couvrir 3 années. Et dès le départ le livre devait montrer l'agriculture dans toutes ses facettes uniquement en images sans texte.

Au départ je voulais surtout fixer les visages des fermiers, leurs gestes, les cultures, les élevages, les machines et les paysages forgés par les paysans et les viticulteurs. Mais au fil des saisons, j'ai découvert les nombreuses matières, les lignes de haute tension et d'innombrables abstractions visuelles de tous genres. Le type d'images retenues comprend le reportage photographique, le paysage, le portrait, la nature morte ainsi que des tableaux plus contemplatifs. Ainsi le résultat final se veut être réaliste et assez exhaustif afin de montrer la diversité de l'agriculture. Comme presque toutes les photos ont été prises à l'extérieur, le livre devenu en quelque sorte un portrait de mon pays. En effet, il présente 72 portraits d'agriculteurs, d'éleveurs, d'apiculteurs, de viticulteurs, de maraichers,  mais aussi de nombreux paysages des quatre coins du pays.

Le livre contient 256 pages, présente plus de 500 images et mesure 38 cm sur 25 cm, il pèse plus de deux kilos, il a été réalisé entièrement au Luxembourg et son prix de vente est fixé à 50 €. Il est financé par moi-même pour un tirage de 1000.

Sans nier les défis, les problèmes et les dangers, auxquels le secteur agricole doit faire face, ce livre se veut être un hommage à tous les ouvriers de la terre dont l'image a quelque peu souffert ces derniers temps. Je souhaite en tous cas que les « spectateurs » de mon livre découvrent l'univers agricole, si omniprésent au quotidien, sous un jour inattendu, surprenant et correspondant néanmoins à la réalité.

Mes remerciements pour leur contribution vont au Ministre de l'Agriculture, Mr. Fernand Etgen, à la Chambre de l'Agriculture, au groupe Cactus, à François Schaeffer, à CK Image, à Jorge Valente et à l'Imprimerie Centrale.

Christian Schaack

# <u>Pressedossier fir d'Fotosbuch « Lëtzebuerg deng Landwirtschaft »</u>

Dëse Projet gouf gebuer no engem Openthalt am Joer 2011 op engem Bauerenhaff vun menger Schwéierfamill den zu « La Caboutarié », eng Dräi Haiser Uertschaft am Hannerland vun Albi geleeën ass. Nodeems ech e puer Deeg laang dem Bauer Roger seng dagdeeglech Aarbecht fotograféiert hat, wor ech an eng authentesch Welt voller Räichtümer projezéiert ginn, eng Welt déi ech esou net kannt hunn. Dat huet mir immens gefall an ech hunn décidéiert des Aarbecht zu Lëtzebuerg weider ze féieren. Mat dem Ënnerscheed dass d'Aarbecht vill méi laang dauere misst an och méi an d'Déift goen sollt.

Nodeems ech 2012 des Biller am Landwirtschaftsministère gewisen hat, ass d'Buch Realitéit ginn. Mir hunn décidéiert d'Aarbecht op déi véier Joreszäiten ze konzentréieren mat engem positiven Grondtoun an och dass d'Buch sollt während der lëtzebuerger Présidence vun der E.U. am 2. Semester 2015 un déi offiziell Delegatiounen vun den 28 Landwirtschaftsministère soll verdeelt ginn, fir hinnen e Bild vun eiser Landwirtschaft mat op de Wee ze ginn. Nodeems den deemolegen Minister Romain Schneider saïn Accord ginn hat, sollt d'Buch d'Vielfalt vun de landwirtschaftleche Produktiounen hei am Land festhalen an dat iwwert dräi Joer. An vun Ufank un sollt de landwirtschaftleche Secteur an all senge Facette just a Biller gewisen ginn ouni Text.

Dofir wollt ech Gesiichter, Gesten, Kulturen, Zuucht, Maschinnen an déi vun de Baueren an de Wënzer geformten Landschaften festhalen. Mee duerch d'Joreszaiten si mer ëmmer méi déi verschidde Matièren, d'Héichspannungspoteauen an vill visuell Abstraktiounen opgefall. Déi zeréckgehalen Biller begräifen de fotografesche Reportage, d'Landschaft, den Portrait, d'Nature Morte an och méi anschaulech Tableauen. D'Schlussresultat soll méiglechst realistesch a relativ komplett d'Diversitéit vun der Landwirtschaft weisen. Well och bei wäitem déi meeschte Biller baussen opgeholl goufen, ass et och ee Portrait vun mengem Land ginn, ee Stéck Lëtzebuerg esouzesoen. Well et gi 72 Portraiten vun Akerbaueren, Ziichter, Wënzer, Beienziichter, Geméisgäertner an och vill Landschaften aus allen Ecken vum Land gewisen.

D'Buch ass 256 Säiten déck, et huet iwwert 500 Biller, et ass 38 cm op 25 cm grouss, et ass iwwer 2 Kilo schwéier, et gouf ganz am Land hiergestallt an et kascht 50 €. Ech finanzéiere et fir eng Oplag vun 1000 Bicher.

Ouni d'Problemer, d'Erausfuerderungen an d'Geforen, déi d'Baueren kennen oder nach erwaarden, erof ze spillen, soll dëst Wierk een Homage duerstellen un alleguerten déi Leit déi de Buedem verschaffen, déi Leit, där hiren Image an der Gesellschaft sech an der lëscht éischter verschlechtert huet. Ech wënschen mer op jidder Fall dass d'Betruechter vun mengen Biller déi landwirtschaftlech Welt, déi ronderëm eis omnipresent ass, op eng néi, onerwaarten an der Realitéit entspriechent Aart an Weis entdecken kënnen.

Meng grouss Mercien fir hir Ënnerstëtzung oder Zesummenaarbecht ginn un den Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen, un d'Landwirtschaftskammer, un den Cactus Grupp, un den Schaeffer Fränz, un CK Image, un den Jorge Valente an un d'Imprimerie Centrale.

Christian Schaack